Generalversammlung vun der Sektioun AVL vum 16. Mäerz 2012

Tätegkeetsbericht vun der AVL-Sektioun fir d'Joer 2011 – vum Sekretär Yannick Jacques

18. Mäerz 2011, Generalversammlung

Déi war relativ gut besicht mat ongeféier 90 Chaufferen.
Inviteeë waren eisen alen a neie Mobilitéitsschäffe François Bausch, deen esouguer bis zum Schluss bliwwe war, an doduerch eis Dagesuerdnung mol eng Kéier net huet musse gännert ginn. Et waren och nach do, eise Prësident vum Landesverband Guy Greivelding, eise Generalsekretär Carlo Thissen, den Vizeprësident a Prësident vum Sekteur Öffentlichen Déngscht Justin Turpel, de Prësident vum Sekteur Eisebunn Jean-Claude Thümmel, de Prësident vum Sekteur Private Stroossentransport Raymond Weicker, als eenzege Gemengeconseillé aus de Reie vun der LSAP, den Armand Drews. Ebenfalls ware vill Vertrieder aus diversen anere Sektiounen hei aus dem Haus. Et war awer och erfreelech ze gesinn, datt nach ganz vill Pensionären de Wee bei eis fonnt haten.
Zum Schluss vun der Generalversammlung gouf et nach ee gemittliche Patt an eppes Klenges fir ze iessen.

21. Abrëll, Komitee, mir hunn d'Analyse vun der Generalversammlung gemeet.

Mir hunn och eisem Komitee de Bericht gemeet vum GTTP élargi, an deem d'Eckdate festgeluecht goufen, fir ee neit Aarbechtsschema.
Dës Eckdate waren:

- d'Ofschaafe vum laange Fräi;
- doduerch sollt d'Wissele vereinfacht ginn;
- an ee maximum u Congé rausgi kënnen.

Mir hunn och an dëser Sitzung d'Analyse gemeet iwwert Déngschttir, déi säit dem 1. Abrëll gefuer gi sinn.
Och konnt matgedeelt ginn, datt d'Ausschreiwung fir nei Bussen ofgeschloss wir, an datt 17 Gelenkbusse vu Mercedes-Benz, a 5 Standard Hybrid Busse vu Volvo bestallt wiren, déi och lo säit Kuerzem lafen.
Mir hunn eis awer och du scho Gedanken gemeet iwwert de Betribsausflug an den Neijoschkado, a krute vum Jos de Programm virgestallt fir de Pensionärsausflug, deen de 5. Mee stattfonnt huet a vun der Rackesmillen iwwer d'Robesscheier op Dikkrech gefouert huet.

26. Abrëll, hunn de Carlo an ech un engem Kollok iwwert de "Bien-être au travail" zu Réimech deelgeholl.

Deen Owend um 18.00 Auer, hu mir eis un der Manifestatioun géint d'Atomkraaft op der Place Clairefontaine bedeelegt.

1. Mee, hu mir hei um Manifestatiounsdag deelgeholl.

9. Mee, ware mir och erëm hei, wou mir un enger Konferenz zum Thema 50 Joer Konsumenteschutz deelgeholl hunn.

10. Mee, waren de Gérard an ech op Bréissel, an hunn un enger Sitzung vun der ETF deelgeholl.

19. Mee, waren de Carlo an ech erëm op Réimech ,an hunn un enger Formatioun zum Thema: "Préparer et mener une réunion", "faire un compte rendu" deelgeholl.

20. Mee, hu mir eis moies um 10.30 Auer un engem Protestpiquet géint d'Agressiounen am Öffentlechen Transport virun der Gare bedeelegt.

29. Juni, Komitee, do hu mir bericht iwwert den GTTP élargi vum 21. Juni, an deem d'Resultat vum Froebou virgestallt gouf deen d'Chauffeure kritt haten, an hunn eis du fir ee Schema entscheed, dat dir jo alleguerte kennt, well mir et jo lo säit dem 25. September fueren.
Och gouf bericht iwwert d'Sitzung vum Sekteurskomitee vum 11. Mee, an d'Sitzung vun der Kleederkommissioun vum 13. Mee.
Mir hunn och festgehal, datt eise Betribsausflug géif op Mannheim bei Mercedes féieren.

Deen Owend, ware mir och rëm hei fir un engem klenge Protest géint d'Aggressiounen am Öffentlechen Transport deelzehuelen.

5. Juli, hu mir hei un enger Informatiounsversammlung iwwert de neie Layout vum Signal deelgeholl.

22. September, Komitee, mir hunn do iwwert déi Problemer geschwat, déi opgetaucht ware fir de Chaufferen déi nei Déngschtpläng zur Zäit ze ginn.
Mir hunn och Datumer festgehal fir eise Betribsausflug, deen dës Kéier erëm 2 Deeg stattfonnt huet, an zwar den 3. a 4. November.
Mir kruten och bericht iwwert d'Sitzung déi tëscht dem Büro vun der Zentraldelegatioun an dem Chef de service adjoint stattfonnt hat, wou d'Punkten ënner anerem, Brand vum Bus 217, Uniformen, Wanterpneuen, Schülerrroulement, de Personalschlëssel an d'Sous-Traitance waren.
Ebenfalls hu mir geschwat iwwert d'Aufgabe vum Sekteur, de Verbandsrot, d'Braderie- an d'Fouertir, de Pauseraum am Hamilius deen Enn 2011 sollt op eng aner Plaz kommen.
Mir hunn awer och dunn matgedeelt, datt duerch Personalmangel hei am Haus, ech als Sekretär vum Sekteurskomitee, géif bis Enn vum Joer dënschdes, mëttwochs an donneschdes freigestallt ginn, fir déi 3 Deeg hei am Sekretariat ze schaffen.

3. a 4. November, waren mir dann mat 2 Equipen op Mannheim an d'Mercedes Buswierker, wou mir de ganzen Zesummebau vun de Busse bannen a baussen erkläert a gewise kritt hunn, a mëttes an der Kantin giess hunn. Owes um Heemwee hu mir nach gemittlich zu Nuecht giess.

7. November, hu mir hei am Haus un engem Ronndëschgespréisch iwwert den Öffentlechen Transport deelgeholl mam zoustännege Minister Claude Wiseler.

10. November, ware mir solidaresch mat de "Chargés de cours", wéi si hir Pétitioun iwwert d'Altersdécharge dem Chambersprësident iwwerreescht hunn.

22. November, Komitee, mir hunn iwwer d'Betribsdelegatioun vum 21. Oktober geschwat.

Och gouf Bericht iwwert den GTTP vum 17. November, bei deem et ëm Problemer beim Summmercongé gaangen ass, dëst duerch den allgemenge Problem vum Congé samschdes a sonndes, wou awer leider eis Direktioun net bereed war et zouzeginn.
Et gouf och schon den Datum vun haut festgeluecht.
Eisen neie Gewerkschaftssekretär, de Pascal Hansen, deen de 16. November hei ugefaangen huet, gouf och virgestallt.
Mir hunn awer och du matgedeelt, datt de Sekretär vun der Zentraldelegatioun, de Justin, démmissionär vun deem Poste wir, dëst well hie bei den Wahle vum 9. Oktober an de Gemengerot gewielt gouf, an eben de Poste vun Conseillé a Beamten an där selweschter Gemeng net kompatibel sinn. Seng Nofolgerin op deem Posten ass d'Danièle Feller.

28. November, ware mir op Réimech op ee Formatiounsdag iwwert d'Reform vum Statut an de Gehälter.

29. November, ware mir hei op enger Opklärungskonferenz iwwert dës Reformen.

12. Dezember, ware mir dunn erëm hei op enger Opklärungskonferenz iwwert d'Waasserwirtschaft, déi vun engem däitschen Expert an deem Gebitt, den Nikolas Geiler, gehale gouf.

16. Dezember, hate mir d'Ofschlossiesse fir de Komitee am Restaurant "de Spackelter" zu Leideleng.

6. Januar, ware mir hei op d'Neijoschreceptioun vum Landesverband komm.

1. Februar, Komitee, mir hunn d'Generalversammlung vun haut preparéiert, an hunn eis iwwert d'Delegatiounswahle vum 10. Mee Gedanke gemeet. D'Kandidaten déi mir proposéiert hunn, ginn ënnert Punkt 8 vun dëser Generalversammlung virgestallt.
Mir hunn och een neie Komiteesmember begréisst, de Christian Junk.

29. Februar, um Europäischen Aktiounsdag hu mir eis och un der Manif fir Sozial Gerechtegkeet um Rousegäertche bedeelegt.

5. Mäerz, ware mir erëm hei, fir un der Opklärungskonferenz iwwert d'Pensiounsreform deelzehuelen.

Nierft all deem wat ech iech lo opgezielt hunn, ware mir nach op ville Sitzungen, sierf et vum Sekteurskomitee, Verbandsrot, nei gegrënnte Koordinatiounsbüro, Zentraldelegatioun, Betribsdelegatioun, asw.

Wéi dir héieren hutt, ware mir also och dëst Joer nees ganz aktiv.

Merci fir d'Nolauschteren.

Yannick Jacques